PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 02/12/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Lëtzebuerger Wort titelt an engem Artikel vun haut "Durch neue Regelung droht in Arztpraxen Impfstoffmangel". Esou kéint et laut Wort dozou kommen, dass Doktere Rendez-vouse fir eng Impfung vu Patiente missten ofsoen, well et hinnen um Impfstoff vu Moderna feelt. Konkret heescht et am Artikel:

> *"Laut eigenen Angaben hat der Arzt bereits für über 300 Patienten Impftermine ausgemacht, die er wohl nun zum Großteil absagen muss. Immerhin darf er laut den neuen Vorgaben den Impfstoff von Biontech/Pfizer nur noch bei jüngeren Patienten verwenden. Auch ein Impftermin, bei dem Mitarbeiter im Altersheim in Consdorf geimpft werden sollten, könne er wohl nicht wahrnehmen."*

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Dierf een Dokter/eng Doktesch weiderhin den Impfstoff vu BioNTech fir seng Rendez-vousen notzen, wann him/hir keen Impfstoff vu Moderna méi bléift? Dëst och am Fall wou d'Patienten an der Praxis méi wéi 30 Joer hunn?

2. Laut Wort Artikel ass eng Bestellung nëmmen am 2-Wochen-Rhythmus méiglech. Firwat kënnen Dokteren an Dokteschen nëmmen all 2 Wochen eng Commande fir neien Impfstoff maachen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député